

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an den Här Policeminister weiderzeleeden:

*„Zanter 2006 verfüügt déi groussherzoglech Police iwwer eng historiesch Sammlung. Déi Sammlung ass am Gebai vun der fréierer Garage vun der Gendarmerie ënner Daach komm, e schützenswäert Gebai aus dem Ufank vun de 1950er Joren. D'Deeg fir dës Expo vun dëser Sammlung am Gebai um Verluerekascht sinn awer méttlerweil gezielt, well op dës Plaz bekanntlech de Regierungsgarage komme soll.*

*Dëst bedeit also, dass nach 2021 eng Léisung um Dësch muss leien, well bis de Summer 2022 d'Sammlung fachgerecht agepaakt muss ginn - zu deem Moment fänken nämlech d'Bauarbeiten um Site un.*

*Als Tëscheléisung fir déi nächst 5-6 Joer bis zum Fanne vun enger definitiver Léisung huet d'asbl "Policemusée" menges Wëssens de „Musée international d'Effets de Gendarmerie et de Police“ zu Capellen an d'Spill bruecht.*

*De Faktor Zäit spillt evidenterweis eng ganz wichteg Roll. Och wann ee Site fonnt gëtt, brauch ee mindestens 6-7 Joer fir ze plangen an ze bauen.*

*An deem Kontext wollt ech der Madamm Kulturminister an dem Här Policeminister folgend Froe stellen:*

- 1. Weess den Här Minister, dass den aktuelle Site eng aner Destinatioun kritt, respektiv ass den Zäitpunkt scho bekannt?*
- 2. Gouf schonn eng Alternativ fonnt, fir d'Sammlung vum Policemusée op eng aner a sécher Plaz ze bréngen?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

3. *Ass d'Regierung gewëllt de Policemusée ze  
ënnerstëtzen an domat och de Patrimoine ze erhalen?*
4. *Ass gewosst, dass déi Responsabel vum Policemusée eng  
Alternativ oder Tëscheléisung proposéiert hunn?*
5. *Ass d'Regierung gewëllt fir dës provisoersch Léisung bis  
zu enger definitiver Solutioun finanziell ze ënnerstëtzen?*
6. *Gouf et scho Gespréicher tëschent alle betraffene  
Partner? Wa nee, ass deemnächst eng Entrevue zu deem  
Thema geplangt?*
7. *Wéi gesäit d'Zesummenaarbecht tëscht der  
Policieschoul an dem Policemusée de Moment aus? "*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro  
weiderleet a gréissen Iech héiflech.



André BAULER  
Deputéierten